

13^e séance

Jeudi 10 décembre 1998

Présidence

M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Projet de loi 4484 modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum (*Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
3. Projet de loi 4266 ayant pour objet de modifier la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux (*Rapport de la Commission des Affaires communales et de l'Urbanisme - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi*)
4. Projet de loi 4485 autorisant l'Etat à participer au financement de la mise en place par le syndicat SEBES d'une conduite d'eau potable allant de Grosbous via Mersch à Junglinster (*Rapport de la Commission des Affaires communales et de l'Urbanisme - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
5. Projet de loi 4266 (*Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
6. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Michel Wolter et Luc Frieden, Ministres.
(Début de la séance publique à 14.34 heures)

M. le Président. - D'Sitzung as op.

Huet d'Regierung iergendeng Kommunikatioun un d'Châmber ze maachen?

(Assentiment)

Den Här Justizminister Luc Frieden huet d'Wuert.

1. Dépôt d'un projet de loi

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice. - Här President, duerch groussherzoglechen Arrêté vun haut de Moie sin ech autoriséiert gin, hei an der Châmber de

- *Projet de loi 4500 portant règlement des comptes généraux de l'exercice 1996*

ze déposéieren. Dene Konten as selbstverständlech den Avis vun der Chambre des Comptes bäigefügt, deen datéiert as op den 8. Dezember vun dësem Jor.

M. le Président. - D'Châmber hält Akt vum Dépôt vun deem Projet duerch den Här Minister Frieden. E gët un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4484 iwwer d'Reform vum soziale Mindestloun.

Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Loes, Bettendorf, Schiltz, Bausch a Gibéryen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marcel Glesener.

2. Projet de loi 4484 modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur. - Här President, Kolleginnen a Kollegen, déi lescht Upassung vun de Mindestloun un d'Lounentwécklung war den 1. Januar 1997. D'Bemiessungsgrondlag war d'Lounentwécklung vun de Joren 1994 an 1995. Den Ajustement war 3,2%. En huet gegollt fir 28.730 Lounemfänger. Et ware 14.170 Männer a 14.560 Fraën. Dat war, wéi gesot, virun zwee Jor.

Här President, d'Gesetz gesäit vir, datt d'Regierung am Rhythmus vun zwee Jor dem Parlament e Bericht virleë muss, deen op Grond vun enger virgeschriwwener Methodologie d'Lounentwécklung vum öffentleche wéi vum private Secteur erfassen an dem Parlament en eventuelle Virschlag vun enger Upassung vun de Mindestloun un d'Lounentwécklung maache soll. Dee Bericht, verbonne mat engem Projet de loi, as den 3. November vun dësem Jor dem Parlament virgeluegt gin.

Als Bemiessungsgrondlag vun de Léin a vun der Lounentwécklung hun d'Joren 1996 an 1997 gegollt. Op Grond vun deem Bemoossen huet sech ergin, datt sech d'Lounentwécklung am Laf vun den zwee Jor ëm 1,3% no uewe beweegt huet. No enger Analys vun de wirtschaftleche Gegebenheiten hei zu Lëtzebuerg schléit d'Regierung vir, de gesetzleche Mindestloun ab 1. Januar 1999 ëm genau 1,3% ze erhéien.

De 24. November huet déi zoustänneg Parlamentskommissioun Aarbecht a Beschäftegung getaagt. Si huet hire Rapporteur bestëmmt an och de Projet de loi analyséiert, verbonne mat enger Analys an Diskussioun iwwer dee Rapport, deen d'Regierung bäigeluegt huet.

Den Avis vum Staatsrot as dem Parlament schon den 10. November zoukomm - ganz schnell huet also de Staatsrot säin Avis ofgin -, an deem Avis war positiv an huet zu kenge Bedenken Ulass gi par rapport zum Projet vun der Regierung. D'Privatbeamtechâmbere huet hiren Avis de 6. November ofgin. Och deem Avis war positiv.

Déi zwee Avië lounge der Kommissioun vir, ier se hire Rapport festgehalen huet, an im nachhinein sin d'Aviën erakomm vun der Arbeiterkammer, de 7. Dezember, an den 8. Dezember vun der Fonction publique. Déi zwee Avië konnten nët méi berücksichtegt gin am schréftleche Rapport vum Rapporteur, well se, wéi gesot, nodeem d'Kommissioun hire Bericht festgehalen huet, eréischt bekannt gi sin. Dofir ganz kuerz: Den Avis vun denen zwou Beruffschâmbere as positiv zum Projet vun der Regierung.

D'Châmbere vun der öffentlecher Fonktioun mécht, wéi schon an dene Jore virdrun, eng Géintwuerstellung vun der Entwécklung vum Mindestloun a vum RMG a stellt sech do eng Rei vu Froen, ouni sech awer géint déi Upassung vun 1,3% auszuschwätzen. D'Arbeiterkammer mécht dat selwecht an huet eng Rei vun Objektiounen am Zesammenhang mat der Methodologie ervirbruecht, déi se och schon déi lescht Jore presentéiert huet. Mir hun awer un der Methodologie, fir déi Lounentwécklung ze moossen, festgehalen. Doriwwer eraus dréckt d'Arbeiterkammer de Wunsch aus, déi Upassung vun de Mindestloun nët an engem Rhythmus vun zwee Jor, mä an engem järeleche Rhythmus virzehuelen.

Dat sin déi Hauptobjektiounen an -uregungen, déi vun denen zwou Châmbere gemaacht gi sin. Wéi ech scho gesot hun, konnte mer am Rapport awer nët méi op déi Aviën agoen, well mer den 2. Dezember an der Kommissioun de Projet vum Rapport presentéiert hun, deem och dee selwechten Dag eestëmmege vun der zoustänneger Kommissioun Aarbecht a Beschäftegung ugeholl gi as.

Als Rapporteur muss ech soen, datt mer et bedauern, datt bis haut keen Avis virläit vun de Patronaatsberuffschâmbere. Mat Sécherheet hun d'Patronaatsberuffschâmbere eng ganz Rei vun Objektiounen ze presentéieren par rapport zum Projet. Dat kann een erahnen op Grond vun enger Rei vu Positiounen, déi vum Comité de liaison patronal gemaacht gi sin. Et deet eis leed, datt mer eis nët konnte mat dene Meinungen, Opfaassungen an Uregungen ausenansetzen, well bis haut - haut stëmme mer de Projet - wéi gesot nach keen Avis vun de Patronaatsberuffschâmbere virläit.

Et as dat iwwerens keen neie Moment. Ech ka mech erënneren: Virun zwee Jor hate mer eng ähnlech Situatioun, wou och d'Patronaatsberuffschâmbere vehement nëe gesot hun zu der deemoleger Upassung vun de Mindestloun, mä awer mat hirem Avis eréischt dee Moment komm sin, wou mer hei an der Châmbere doriwwer debattéiert an ofgestëmmt hun.

Wéi gesot: Méi Kommentare wëll ech dozou nët ofgin, mä als Rapporteur a President vun der Kommissioun bedauern ech et, datt mer nët a Kenntnis ware vun

de Meinungen vun de Patronaatsberuffschâmbere zu dëser virgeschloener Erhéijung vum Mindestloun.

Här President, Kolleginnen a Kollegen, erlaabt mer nach ganz kuerz e kleng Kommentar zu deem, wat mer lech am Rapport presentéieren.

Mir stelle fest, datt d'Lounentwécklung, déi zur Bemessungsgrundlag virloong, d'Joren 1996 an 1997 ëmfaasst a während dene Joren d'Léin, anescht wéi an dene Jore virdrun, sech ganz minimal no uewen entwéckelt hun. Ech ka mech nët erënneren, datt mer an enger Periode vun zwee Jor eng Lounentwécklung haten, déi nëmmen 1,3% bedroen huet.

Et as dat d'Resultat - ech hun dat schon d'lescht Woch gesot, wéi mer iwwer den Ajustement vun de Pensioune geschwat hun - vun engem Engagement, dat an dene leschten Tripartitesronnen d'Gewerkschaften agaange sin, fir hir Kontributioun ze leeschten, fir d'Aarbechtslosigkeit an de Grëff ze kréien an de Betriber awer och méi Méiglechketen ze erhalen, fir kompetitiv kënnen de Wettsträit mam Ausland ze begoen, an dat a Form vun engem Engagement, fir während denen nächste Joren eng moderat Lounpolitik ze versichen duerchzusetzen.

Wa während denen zwee Jor, wou ech gesot hun, d'Léin sech effektiv nëmmen ëm 1,3% no uewe beweegt hun, dann as dat sécher d'Resultat - dat as och unzërkennen - vun de Sozialpartner, déi et fäerdegbruecht hun, entsprechend den Engagementer, déi se agaange sin, eng moderat Lounpolitik zu Lëtzebuerg duerchzeféieren. Wa sech déi Lounentwécklung ëm 1,3% no uewe beweegt huet, mengen ech, wär d'Regierung mat Sécherheet gutt beroden, fir ze proposéieren, datt een ouni Bedenke kéint e Gesetz stëmme, fir och d'Mindestloun no zwee Jor un där Entwécklung deelhuelen ze moossen; dat ëmsou méi, wou e fundéiert Rapport virläit, datt déi wirtschaftlech Kapazität nët a Matledenschaft gezu gët, wann déi Léin ëm 1,3% an d'Luucht gesat gin.

Een anere Kommentar, deem hei an der Châmbere oft Ulass zu Diskussiounen gët, as: Wat bedeit dat fir d'Lounstruktur hei zu Lëtzebuerg, wa mer d'Mindestloun héijen?

Et gët oft gesot, datt dat en Effekt gët, datt doduerch d'Lounstruktur a Bewegung kënnt, datt iwwer déi kollektivvertraglech Verbesserungen d'Léin nach zousätzlech géifen ëm dee selwechte Betrag an d'Luucht goen an d'Entreprises domat géifen enorme Schwécketen entgéintsteieren.

Nun as et esou, datt d'Vergaangenheet weist, datt Mindestlounerhéijunge kaum Auswierkungen hun op déi allgemeng Lounentwécklung, well déi allgemeng Lounentwécklung gët déclenchéiert iwwer d'Kollektivvertragspolitik, a mat Sécherheet gët et kaum ee Kollektivvertrag, deem irgendwéi eng Klausel beinhalt, datt, wann d'Mindestloun ugepasst gin un d'Lounentwécklung, déi zwee Jor zrëckläit, sech dann automatesch en Nachholbedarf am Kader vun de kollektivvertragleche Lounofmaachungen ergët. Soudatt ee ka soen, datt et effektiv null Auswierkungen huet op d'allgemeng Lounstruktur a -si-

tuatioun hei zu Lëtzebuerg, wa mer deen Nachholbedarf vun de Mindestléin hei am Parlament stëmmen.

Et huet een och gesinn, am Laf vun dene leschte Jorzingen, datt d'Upassung vum Mindestloun der Lëtzebuerger Ekonomie absolut nimools e Problem bereet huet. Wat stëmmt, dat as, datt den Ajustement effektiv awer en Effekt huet op déi Léin, déi jhust iwwer dem Mindestloun leien. Et as evident, datt Léin, déi e puer Honnert Frang iwwer dem Mindestloun leien, deen ëm 1,3% ugehewe gët, och un den neie Mindestloun ugepasst musse gin; soss géife jo déi Léin ënner deem neie Mindestloun leien.

Déi puer Kommentare wollt ech maachen, well während den Diskussiounen, déi mer an de leschte Joren hei gefouert hun, öfters zum Virschäi komm as, datt déi Erhéijung an Upassung vun de Mindestléin géif verheerend Folgen hu fir eng ganz Rei vun Entreprises. Mä d'Vergaangenheet beweist, datt dat effektiv nët de Fall as.

E puer Wuert nach zu de Statistiken, fir den Impakt ze gesinn, wat dat fir de Projet bedeit:

D'Erhéijung vum Mindestloun, déi elo den 1. Januar erfollegt, betrëfft 32.125 Lounëmfänger hei zu Lëtzebuerg. Dat sin 3.395 Leit méi wéi virun zwee Jor. Et stellt een also fest, datt d'Zuel vun de Mindestlounëmfänger hei zu Lëtzebuerg sech no uewe beweegt. Och dat, mengen ech, muss engem ze denke gin, an et dréit zumindest dem Argument Rechnung, datt ee misst versichen, fir méi Leit ënner kollektivvertraglech Ofsécherung ze bréngen. Mat Sécherheet géif dat dozou féieren, datt d'Zuel vun de Mindestlounëmfänger nët an deem Mooss géif an d'Luucht goen, wéi mer dat elo während dene leschten zwee Jor hei festgestallt hun.

Vun denen 32.125 Persounen, déi Mindestlounëmfänger sin, si genau 16.550 Männer - dat sin der 2.380 méi wéi virun zwee Jor - a 15.575 Fraën - dat as e Plus vun 1.015 Persounen -. Et stellt ee fest, an et as fir d'éischt, datt et méi Männer si wéi Fraën hei zu Lëtzebuerg, déi Mindestlounëmfänger sin. Dat huet sech virun zwee Jor an déi Richtung beweegt. Virdu war d'Zuel vun de Fraën, déi de Mindestloun kruten, wesentlech méi héich wéi d'Zuel vun de Männer. Haut stelle mer wéi gesot fest, datt et déi éischte Kéier as, datt elo méi Männer Mindestlounëmfänger si wéi Fraën.

Weider: 63% vun alle Mindestlounbezéier wunnen hei zu Lëtzebuerg. 37% vun de Mindestlounëmfänger si Grenzgänger. Doriwwer eraus eng lescht Zuel, déi engem och ze denke gët, dat as, datt 45,8% vun alle Mindestlounbezéier an de Secteuren Handel a Restauratioun schaffen. Et as also an dese Secteuren, wou déi wesentlech gréissten Zuel vu Leit schaffen, déi jhust mam Mindestloun entlount gin. Weider Statistiken, Kolleginnen a Kollegen, fant Der am Rapport, deen d'Regierung presentéiert huet, an och a méngem schrëftleche Rapport.

Dat féiert mech zu folgende Schlussfolgerungen.

D'Erhéije vum Mindestloun huet, ausser datt d'Mindestléin an d'Luucht gin, awer och nach aner Auswierkungen:

- och de Plafond cotisable vun de Sozialversécherungen, dee jo 5-mol de Mindestloun as, geet ëm 1,3% an d'Luucht;

- gläichzäiteg gin d'minimal a maximal Pensiounen ebefalls ëm 1,3% an d'Luucht;

- de Plaffong vun der Aarbechtslosenënnerstëtzung geet ebefalls ëm dee selwechte Betrag an d'Luucht;

- all déi Beschäftigungsmoossnamen, déi mer kennen, déi am Kader vum PAN nei op eis zoukommen an un de Mindestloun gebonne sin, gi selbstverständlech och ëm 1,3% zu Gonschte vun denen, déi an de Genoss vun dene Beschäftigungsmoossnamen kommen, an d'Luucht;

- och de Beitrag vun der Flegeversécherung as dovou betrëfft, an zwar dohigehend, datt dee Fräibetrag vum Loun, deen als Basis gëlt, fir 1% Kotisatioun ze bezuelen - dee Fräibetrag as ¼ vum Mindestloun -, och ëm 1,3% an d'Luucht geet;

- doduerch läit déi effektiv Kotisatiounsleeschtung am Zesummenhank mat der Flegeversécherung méi déif, wéi dat de Fall war, ier de Mindestloun elo ugehewe gin as.

Dat nëmmen, fir och ze beliichten an de Kollege matzedelen, datt et ausser der Erhéijung vun de Mindestléin selwer och eng ganz Rei vun aneren Auswierkungen huet am Kader vun der Sozialpolitik hei zu Lëtzebuerg.

Nun, no der Erhéijung vum 1. Januar vun 1,3% as de Mindestloun fir een nët qualifizéierten Erwuessenen ab 18 Jor 46.878 Frang. Dat as e Plus vu 603 Frang brutto. De qualifizéierte Mindestloun as ab dem 1. Januar 56.254 Frang. Et as dat e Plus vu 724 Frang.

Här President, Kolleginnen a Kollegen, et waren déi Wieder, déi ech wollt ufügen un de schrëftleche Rapport vun der Kommissioun, deen Der alleguer jo kritt hut. Am Numm vun der Kommissioun an och a méngem Numm als Rapporteur géif ech d'Chamber bidden, deem Projet hei hir Zoustëmmung ze gin.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner as den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Nico Loes (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et as ewell eng Traditioun, datt d'Chamber sech regelméisseg, all zwee Jor, e puer Deg viru Krëschttag mat engem Projet iwwer d'Reform vum Mindestloun befaasst. Dat as gutt esou, well een hei och gesäit, datt de sozialen Engagement an eisem Land awer nach do as.

Ech wëll fir d'éischt dem Kolleg Marcel Glesener merci soë fir säi schréfflechen a mëndleche Rapport zu dësem Projet. Hien huet klor bewisen, datt muss gehandelt gin. Domat mengen ech nët eleng d'Obligatioun, déi an der Gesetzgebung verankert as a verlaangt, datt a bestëmmtenen Ofstänn d'Analys muss gemaacht an déi néideg Korrektur virgeholl gin. Mä ech mengen, datt et primär drëm geet, wéi et ëm eist Versteedsdemech vum Begrëff vu sozialer Gerechtegkeet bestallt as.

Eng éischt Feststellung as, datt d'Zuel vun eise Matbürger, déi als Pai nëmmen de Mindestloun hun, däitlech gewuess as. Viru 5 Jor waren dat 23.090 Persounen, dëst Jor sin et der schon 32.125, dat heescht, datt den Undeel vun der aktiver Bevölkerung, déi fir dës Berechnung a Fro kënnt, vu 14 op 16% eropgaangen as. Dat gëlt souwuel fir d'Fraë wéi fir d'Männer. Wat d'Fraën ubelaangt, esou as den Undeel vu 56 op 48% eropgaangen.

Ech wëll nach op en aneren Aspekt hiweisen, deen och am Rapport vun der Kommissioun drasteet. Am Grupp vun de Mindestlounëmfänger läit den Undeel vun der Altersgrupp tëscht 20 an 39 Jor bei 80%. Hei muss ee bedenken, datt dësen Altersgrupp akommesméisseg zimlech schlecht gestallt as, an dat an enger Liewensphas, an där et drëm geet, sech eng Existenz opzebauen, an där d'Stëit gegreint gin, d'Kanner op d'Welt kommen an opwuessen. Et as och d'Zäit, wou een drun denkt, en Haus fir d'Famill unzeschaffen, a wou iwwerluegt gët, wéi ee sech zousätzlech fir spéider, am Alter, ofséchere kann.

Dësen Hannergrond däerf ménger Meinung no nët vergiess gin, wann een iwwert de Mindestloun schwätzt, oder vun der Philosophie, op där dës Reform berout. Dobäi geet et ëm nët méi an nët manner wéi ëm d'Upassung vum Mindestloun un d'allgemeng Lounentwécklung. Dës Upassung soll sécherstellen, datt nët op alle Positiounen vun der Loun- a Gehältertabell Verbesserungen kommen an de Mindestloun nët bougiert. Et geet also drëm, datt deen allgemengen Trend am Loun- a Gehälterberäich sech och op deen ënneschten Niveau auswierkt.

Et muss dofir gesuergt gin, datt mir keng zwou Zorte Leit an der aktiver Bevölkerung kréien: op där enger Säit e Grupp, deem säi reallt Akommes aus der Aarbecht zréckgeet, an op där anerer Säit e Grupp vu Leit, déi periodesch Loun- a Gehaltserhéijunge kréien. Et kann een dovun ausgoen, datt an engem sozialpoliteschen Döman esou eng Situatioun nët däerf opkommen.

Et gët awer och Leit, déi bei der Upassung vum soziale Mindestloun ganz kritesch optrieden a souguer vehement Attacke reiden, wann et drëm geet, dës a méngen Aë "sozial Gerechtegkeet" ëmzesetzen.

D'Donnéeën, déi vum 1. Januar 1999 zu enger Augmentatioun vum soziale Mindestloun féieren, si bekannt. Jidderee ka se am Rapport noliessen, deen d'Regierung all zwee Jor ausschaffe léisst.

Wéi gesäit dës Situatioun elo aus?

- D'lescht Jor as de PIB réel ëm 4,8% gewuess. Dëse Steigerungssaz war méi héich wéi an dene Jore virdrun. Fir dëst Jor as eng Hausse vu real 4% virgesinn.

- Den Inflationstaux loug 1996 tëscht 1 an 1,5%. Fir déi éischt 8 Méint vun dësem Jor as den Taux moyen 1,2%.

- D'Produktivitéit as tëscht 1985 an 1998 ëm duerchschnëttlech 2,2% pro Jor geklommen. Vun 1996 bis 1998 as dësen Taux duerchschnëttlech ëm 1% zréckgaangen.

- D'Steigerung vun de Salaires nominaux an der Zäit vun 1996 bis 1998 läit bei 2,1%, déi vun de Realléin alldings méi niddreg. Si war hei am Duerchschnitt 0,4%.

De Rapport vun der Regierung hält also fest, datt an de Joren 1996 bis 1998 d'Steigerung vun der Produktivitéit ëm 0,6% méi héich war wéi déi vun de Salaires réels.

Wat elo déi nei Montantë vum soziale Mindestloun ugeet, déi den 1. Januar 1999 a Kraaft trieden, wëll ech a ménger Interventioun nëmme festhalen, datt de Mindestloun vu 46.275 op 46.878 Frang de Mount an d'Laucht geet. De Mindestloun fir qualifizéiert Aarbechter klëmmt vu 55.530 op 56.254 Frang. Dat sin nët méi an nët manner wéi 603, respektiv 724 Frang de Mount oder 3,48, respektiv 4,19 Frang d'Stonn. Dës puer Zuele bewisen, datt d'Verbesserung vun de Léin vun dene betraffene Matbürger ganz modest ausfällt an d'Loukakäschten och keng horrent Ausmoossen unhuelen.

Ech wëll och nach un d'Feststellung vun der Regierung an hirem Rapport iwwert déi allgemeng Lounentwécklung erënneren. Et gët e puermol festgehalten, datt d'Produktivitéit méi schnell gewuess as wéi d'Loukakäschten. Dat heescht, datt um Niveau vun den Tarifpartner - an de Rapporteur Marcel Glesener huet et scho gesot - de Konsens do war fir eng verstänneg Loun- an Akommespolitik. D'Chancen an d'Attraktivitéit vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg sin erhalte bliwwen. Den Ausbau vum Wirtschaftsstanduert an déi Dausende vun neien Aarbechtsplaze bewisen, datt d'Investisseuren nët ofgeschreckt goufen a weider Vertrauen an de Standuert Lëtzebuerg hun.

Ech mengen, dat si wichteg Aktivposten an der Bilanz vun der Wirtschafts- a Sozialpolitik, wéi se hei zu Lëtzebuerg gemaacht gët, nët eleng vun der Regierung, mä besonnesch och vun den Tarifpartner, d'Patronat sougutt wéi d'Gewerkschaften. Si weisen och, datt d'Patronaatsäit, wann um Terrain iwwer konkret Accore verhandelt gët, kompromissbereet as. Dat as dacks de Fall, och wann hir Beruffsorganisatiounen ëmmer e Katastrophenszenario viraussoen, e Szenario, deen awer bis haut nach ni agetratt as.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech speziell op dës Aspekter agaange sin, dann as et, well mer ëmmer erëm erliewen, datt vu beruffener a méi dacks vun onberuffener Säit deem engen oder deem anere sozialpoliteschen Instrument de Procès d'intention gemaacht gët. Eng Kéier gët op de Mindestloun geklappt, eng aner Kéier gët sech um Index geriwwen.

Virun zwee Jor, den 18. Dezember 1996, bei der Diskussioun iwwer d'Upassung vum Mindestloun, huet den Här Niki Bettendorf dat hei gesot, an ech zitieren: "Hun all déi Ekonomisten an och international Organisatiounen, wéi zum Beispill d'OECD, Onrecht, wa se op déi pervers Effeten hiweisen, déi de Mindestloun huet oder kéint hun?"

De Premierminister huet deemools a senger Interventioun confirméiert, datt all d'Avië vun der OECD a vum Fonds monétaire international zur Konklusioun kommen, datt een d'Mindestloun soll ofschafen. Den Här Juncker huet awer gläich drop Positioun bezun an de-klaréiert, datt hien déi wirtschaftlech Analys, déi dene Berichter zu Grond läit, strictement nët deelt a se fir geféierlech hält.

Hien huet weider gesot, an ech zitieren: "Ech soen nach eng Kéier hei méng Iwwerzeugung, dass, wann dat esou virgeet mam oniwuerluegtene Sozialofbau, wat de Géigendeel as vu gutt iwwerluegtenem Sozialëmbau, et dann an eiser Gesellschaft zu geféierlechen Implosiounen an denen nächsten 20 Jor kënnt, wou déi normal Leit, wat awer nët déi lescht an der Rei sin, sech einfach nët méi erëmfannen".

Wa virun zwee Jor den Här Bettendorf als Spriecher vun der DP sech faktesch fir d'Ofschafung vum Mindestloun ausgesprach hat, huet hien dun awer als DP-Deputéierten de Projet de loi iwwer d'Erhéijung vum Mindestloun mat senger Fraktiounskollege gestëmmt, ënner dem Motto: "Für jeden etwas - et tout y sera pour le mieux dans le meilleur des mondes".

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, grad wéi an de Jore virdu steet d'CSV zum soziale Mindestloun, an ech bréngen dofir selbstverständlech d'Zoustëmmung vun eiser ganzer Fraktioun zu dësem Projet.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner as den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur, dem Här Marcel Glesener, merci fir säin aussergewéinlech prezisen an ausféierleche Bericht. Hie kennt den Dossier vum soziale Mindestloun vun eis waarscheinlech am aller-beschten. Et as an dëser Legislaturperiod déi drëtt Kéier hanterteeneen, dass hien de Bericht doriwwer ka maachen. Dat muss also gewiescht sin 1994, 1996 an elo, 1998.

Esou wéi och déi aner Joren, Här Loes, esou wéi 1994 an 1996, wäerd och dës Kéier d'Demokratesch Partei d'Erhéijung vum soziale Mindestloun, an dësem Fall vun 1,3%, stëmmen.

(Interruptions)

Ech muss mer jhust e puer Froë stellen, an zwar déi hei: Firwat kommen déi eenzel Gesetzter, wéi de Rentenajustement, wéi den RMG an de soziale Mindestloun nët zesummen, als ee Block, an d'Chamber, well se dach ganz enk matenee verbonne sin, uneneenhänken. Wir et do nët

méi konstruktiv, déi dräi Diskussiounen zesummen ze féieren?

(Interruption)

Bon, mir schwätzen haut nëmmen iwwer de Salaire social minimum. Méng Approche zum Rentenajustement hun ech déi lescht Woch hei ofgeliwwert, an d'DP wäerd dann och hir Positioun zum RMG am Kader vun den Diskussiounen iwwer dee Projet - dee wäerd waarscheinlech eréischt am Ufank vum nächste Jor kommen - bekannt gin. Da beschränke mer eis haut op de Projet vum Ajustement vum Salaire social minimum.

Iwwer d'Gesetz vum 6. Januar 1997 gouf de soziale Mindestloun adaptéiert, fir der Evolutioun vun de Gehälter bis 1995 Rechnung ze droen. Deemools war de Salaire social minimum ëm 3,2% gestiegen. Saitdeem sin d'Gehälter awer weider geklommen, an elo accuséiert en e Retard vun 1,3%.

D'Regierung schléit also vir, fir de Salaire social minimum pour ouvrier non qualifié vu 46.275 op 46.878 Frang, an de Salaire social minimum pour ouvrier qualifié vu 55.530 op 56.254 Frang eropzesetzen. Dat as, wéi gesot, eng Augmentatioun vun 1,3%.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll op e puer Punkten opmierksam maachen:

1996, genau wéi dës Kéier, sin eng Rei Aviën zimlech spët erakomm, an - de Marcel Glesener huet et gesot - dee vun de Patronaatschamberen as iwwerhaupt nët erakomm. Do muss ee sech natiirlech d'Fro stellen, fir wat datt esou e Projet de loi nët éischer déposiert gët, wann ee jo am Virfeld weess, dass déi Projeten all zwee Jor erëmmen. De Projet de loi as eréischt den 3. November dës Jor deposiert gin. De Premierminister be-klot sech jo ëmmer bei eis a seet, hien hätt gär, dass d'Projet ganz schnell iwwer d'Bühn gin. Hei, grad esou wéi 1996, as de Projet, a méngen Aën, ze spët vun der Regierung deposiert gin, ee Mount ier e soll hei diskutéiert gin an da gët vun de Berufschamberen erwaart, dass se hir Avië ganz schnell ofgin, an dass mir hei an der Chamber sollen driwwer ofstëmmen.

Elo si mer erëm eng Kéier, genau wéi 1996, an der Situatioun, dass jhust zwee Aviën iwwer de Salaire social minimum an d'Haus komm sin, wéi d'Kommissioun hire Rapport schon ofgeschloss hat. Den Avis vun der Chambre des Employés privés konnt als eenzege mat an d'Diskussioun vum der Kommissioun afléissen a vun hir analyséiert gin. Ech fannen dat nët gutt. Wa schon d'Avisé vun de Chambres professionnelles gefrot gin, da wär et och richtig, wa mer hinne géifen Zäit genuch gin, fir kënnen zur Zäit e konstruktiven Avis ofzeginn.

D'Chambre des Employés privés huet hiren Accord zum Projet bruecht, fuedert awer nach ëmmer eng zentral Plaz, wou d'Kollektivverträge sollen archivéiert gin. Gesitt Der, Här Rapporteur, ech versichen alt ëmmer fir nach e puer Saachen ze fannen, déi Dir nach nët gesot hut.

(Interruptions)

D'Chambre de Travail kënnt och mat dene selwechte Fuederunge wéi 1996, dat heescht dass se sech géint d'Eliminatioun vun de 5% héchste Gehälter aus der Rechemethod ausschwätzt, an dass se dofir plädéiert, dass d'Revenuë bis zum héchste Staatsbeamtegehalt mat a Betrecht geholl gin. En plus setzt se sech fir eng järelech Adaptatioun vum Mindestloun an.

Ech mengen, et wär och derwärt gewiescht - an dat hut Dir nët gemaacht, Här Rapporteur -, fir sech e hëssche mam Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics auserneezen. Ech weess, dass deen Avis ze spët komm as.

(Interruption)

Déi Châmber huet sech zum Beispill ëmmer d'Méi gemaacht, fir en Tableau synoptique opzustellen, wou se d'Relatioun tëscht dem Salaire social minimum an dem RMG duergestallt huet. Dat hu se dës Kéier nët gemaacht, mä si soë ganz einfach: "Or, il s'est avéré que cette opération, si elle a le mérite de mettre à jour quelques faits qui ne plaisent pas à tout le monde, revient tout simplement à prêcher dans le désert, les conclusions à en tirer par ceux qui sont au pouvoir et les suites à y réserver se faisant attendre". Mir stellen eis d'Fro: Fir wat gin esou Menungen nët emol duerkutüert? Wou as do den Dialog, dee fir eis als Demokratesch Partei ganz wichteg as?

En anere Punkt, deen och schon ugeschwat gin as: D'Zuel vun den Ëmfänger vum Salaire social minimum as erëm déck an d'Luucht gaangen. 23.090 Ëmfänger waren et fir 1993, 26.100 fir 1996 a schliisslech elo 1998 32.125. De Prozentsaz vun de Mindestlounëmfänger as vu 14% 1993 op 16% 1998 geklommen. Et brauch ee sech nët ze froen, fir wat datt esou vill Leit de Mindestloun bezuelt kréien. Wat de Mindestloun méi an d'Luucht geet, wat d'Zuel vun de Mindestlounbezéier och augmentéiert. Dat as evident.

Eng Fro: Fir wat as et nët méiglech gesot ze kréien, wéivill Leit de Mindestloun fir Ouvrier qualifié kréien a wéivill der e fir Ouvrier non qualifié kréien? Fir wat kann dës Ënnerdelung nët och um Niveau vun de wirtschaftleche Secteure gemaacht gin? Mir kréie gesot, dass zum Beispill de Secteur Commerce, restauration et hébergement, dee Secteur as, wou am meeschte Fraen de Mindestloun bezéien (46%), dofir wësse mer awer nët, wéivill der vun denen de Salaire social minimum qualifié oder non qualifié bezéien. Dat selwecht gëlt och fir d'Landwirtschaft: 44% vun de Männer, déi an der Landwirtschaft schaffen, kréien de Mindestloun. Erëm stellt sech d'Fro, ob als Ouvrier qualifié oder non qualifié.

A schliisslech: Kann et sin, dass Leit de Mindestloun als Ouvrier non qualifié kréien, wa se Urecht hätten, de Salaire social minimum pour ouvrier qualifié ze kréien? Dëslescht war ech an engem Büro, wou e Papp séng Duechter ugestallt hat als "non qualifié". Wéi ech d'Duechter gefrot hu wat si da géif verdéngen, huet se mer stolz gesot wéivill, an dun hun ech hir geäntwert: Da sot zu Ärem Papp hie soll Iech direkt 8.000 Frang de Mount bäigin! Wat dann och geschitt as.

M. Gast Glibéryen (ADR).- Fir wat een huele goen nët alles gutt as!

M. Niki Bettendorf (DP).- Ech war keen huelen, ech war bei e Patron era wéinst der Aarbecht!

(Interruption)

1998 schafft anscheinend ee Mann vun aacht fir de Mindestloun. Bei de Fraën as dës Zuel natiirlech méi héich. Eng Fra vu fënnf schafft hei zu Lëtzebuerg fir de Mindestloun. 1993 hate mer en valeur absolue - den Här Glesener huet dat och gesot - méi Fraë wéi Männer, déi de Mindestloun ëmfaangen hun. Haut stelle mer fest, dass déi Tendenz geännert huet, well et as dës Kéier fir d'ëischt, dass mer méi Männer hun, déi de Mindestloun bezéie wéi Fraën: 16.550 Männer an nëmme 15.575 Fraën. Et sin also liicht méi Männer an déi Tendenz as amgaange sech fir d'Fraën ze verbessern.

Fir all Fra, déi de Mindestloun emfängt, gët et praktesch ee Mann deen och de Mindestloun emfängt. Or, an der globaler Populatioun as nach ëmmer d'Relatioun vun 1 zu 2, 1 Fra fir 2 Männer. Mir stellen och mat der Regierung fest, dass déi, déi vum Mindestloun am meeschte be-traff sin, nach ëmmer jonk Fraë sin. Dat as och eng Tatsaach, déi een nët dierf aus den Aë verléieren.

Ech kommen dann nach eng Kéier op dee Punkt ze schwätzen, deen den Här Loes elo grad ugeschnidden hat, wéi ech d'lescht Jor hei d'OECD zitéiert hat. Ech zitéiere se dës Jor och nach eng Kéier. D'OECD as effektiv ee vun denen Organismen, déi regelméisseg fuederen, dass de Mindestloun ofgeschaaft gët. Domat hun ech dat nach nët gefuedert, mä ech hu jhust gesot, d'OECD huet dat gesot.

(Interruptions)

Wéi ech dat d'lescht Jor gesot hun, dun huet de Kolleg Bausch gesot, him géifen d'Schudder de Réck erof-lafen. Deemools huet hie mir gesot an der OECD géifen et och Ekonomiste gin, déi eppes anescht géife soë wéi dass de Mindestloun sollt ofgeschaaft gin. Ech war du frou, wéi d'lescht Jor eisen Aarbechtsminister, eisen héichgeschätzte Premier, mer awer bestätegt huet, dass mer ëmmer deen Avis vun der OECD kréichen, dee géif soen, de Mindestloun misst ofgeschaaft gin. Nët méi an nët manner hun ech hei gesot.

(Interruptions)

Ech muss Iech soen, dass mer als DP och positiv Ak-tiounen am Mindestloun gesinn an dat as ee vun dene Grënn, fir wat dass mir en ëmmer stëmmen. Et as zum Beispill eng sozial Moosnam, well duerk dës Mindestloun kann e Patron nët onbegrenzt de Geck mat sën-gem Aarbechter oder Employé maachen an hien total aus-beuten.

Mir wëssen awer och, datt a ville Wirtschaftsberäi-cher, denen et nët esou gutt geet - d'Hôtellerie an d'Re-stauratioun zum Beispill - all Mindestlounaugmentatioun zousätzlech Käschte bréngt an hir Iwwerliewenschancen doudsécher nët verbessert. Dofir muss, a méngen Aën,

verstärkt och dëse Secteuren iwwer aner Weër gehollef gin. Do kann een zum Beispill u fiskalesch Hëllef denken.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Mindestlounaugmentatioun as eng kleng Augmentatioun, déi kee Kader wäerd sprengen. 1,3% plus, 1% manner fir d'Flegeversécherung, do bleift fir den Empfänger ënner dem Strich nach 0,3%. Deen eenzeg, deen ëmmer gewënnt bei Augmentatiounen, sief et beim Index, Loun, Renten oder Pensiounen, as ëmmer de Stat. Dat bréngt zousätzlech Steieren, méi Kotisatiounen fir d'Krankekeessen an d'Rente mat sech an as fir de Stat an d'Keessen ëmmer eng gutt Saach.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hun et schon uganks vu méngen Ausféierunge gesot : Mir als Demokratesch Partei stëmmen dëse Projet esou wéi mer dat 1994 an 1996 gemaacht hun.

M. le Président.- Als nächste Riedner as den Här Jean Schiltz agedroen. Den Här Schiltz huet d'Wuert.

M. Jean Schiltz (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'ëischt wëll ech dem Rapporteur, dem Här Marcel Glesener felicitéieren fir dëse genauso präzise wéi ausféierleche Rapport iwwer de Gesetzesprojet 4484, dee virgesäit, de Salaire social minimum vum 1. Januar 1999 un ëm 1,3% eropzesetzen.

Dës gesetzlech Upassung, déi am Artikel 2 vum Gesetz vum 12.3.1973 iwwer de soziale Mindestloun verankert as, stellt fir eis Fraktioun eng wichteg sozialpolitesch Moossnam duer, déi allen Aarbechter e minimale Loun fir hir geleeschten Aarbecht garantéieren soll.

Ech wëll hei keng Wieder iwwer de Prinzip vum Salaire social minimum oder iwwer d'Methodologie verléieren, an ech wëll och nët iwwer den Historique schwätzen, och wann d'Modifikatiounen vum 1994 markant Verbesserungen mat sech bruecht hun an dofir derwäert wäeren zitéiert ze gin.

Ech wollt haut op dëser Tribün e puer Wuert verléieren iwwer déi Leit, oder besser déi Aarbechter an Aarbechterinnen, ëm déi et am Fong geholl geet, nämlech ëm déi, déi och haut nach fir en Hongerloun schaffen müssen, déi Leit, déi nët duerch e Kollektivvertrag eng räsonnabel Pai kréien a fir déi d'Gesetz iwwer de Salaire social minimum nach ëmmer déi eenzeg Sécherheet as, fir nët nach méi eng kleng Pai ze kréien wéi si se souwisou schon hun.

Sécherlech hun d'Kollektivvertrag parallel zu enger allgemenger Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen och eng Opbesserung vun de Gehälter mat sech bruecht. Leider as et awer esou, dass nach ëmmer eng grouss Zuel vun Aarbechter nët kann op e Kollektivvertrag zrëckgräifen a fir de Mindestloun muss schaffen goen.

Wann een d'Evolution während dene leschte Méint verfollegt huet, da konnt ee feststellen, dass d'Patroné mat alle Mëttele versichen, fir d'Gewerkschaftsdelegatiounen aus hire Betriber erauszehalen. Ech wëll drun erënneren, dass ufanks Oktober a praktesch der ganzer

Press ze liesen war, dass d'Betriber sech mëttlerweil souguer a Sous-entitéite subdiviséieren mam Hannergedanken, keng Gewerkschaftsdelegatioun a kee Comité mixte méi brauchen an hire Betriber ze acceptéieren, well si jo dann déi gesetzlech fixéiert Mindestzuel un Aarbechter nët méi erreeche géifen.

M. Henri Grethen (DP).- Wéivill Betriber sin dat?

M. Jean Schiltz (LSAP).- Ech kommen aus engem wou et esou gaangen as!

M. Henri Grethen (DP).- Et sin der eng Hand voll vu 16.000.

M. Jean Schiltz (LSAP).- Ech kann lech jhust nëmmen aus egener Erfahrung schwätzen, Här Grethen.

M. Henri Grethen (DP).- Da kann den Här Minister jo op déi do Fro eng Äntwert gin an d'Gerichter müssen domat befaasst gin.

M. Jean Schiltz (LSAP).- Déi si befaasst.

(Interruptions)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Esou laang wéi beim Patronat nach esou Praktiken um Ordre du jour stin as d'gesetzlech Reguléierung vum soziale Mindestloun vu kapitaler Wichtigkeet. Dass den Aarbechter sech ouni séng Gewerkschaft vis-à-vis vum Patron an enger Situation befënt, an där en nët méi brauch ze erwaarden wéi dat wat him gesetzlech, also duerch de soziale Mindestloun, zousteet, geet aus den Zuelen däitlech ervir.

D'Zuel vun de soziale Mindestlounbezéier geet säit 1993 däitlech erop. Virun allem d'Variation vum 1998 vu 5,2% as bestëmmt bedenklech.

Et sin haut 32.125 Leit an zum Deel Familjen, déi mat engem soziale Mindestloun auskommen müssen.

Vun de soziale Mindestlounbezéier sin ongeféier d'Halschent Männer, 52%, an d'Halschent Fraen, 48%, awer et sin duebel esou vill Männer wéi Fraen um Aarbechtsmaart. Dat heescht, dass d'Fraen nach ëmmer duebel esou staark betraff si wéi d'Männer.

60% vun alle Schaffenden hun tëschent 20 an 39 Jor an 80% vun dëse Leit si sozial Mindestlounbezéier. Och dat as bedenklech, wann ee sech do soll eng Existenz opbauen.

Sécherlech bedauern ech dës Evolution, mä esou laang wéi d'Unzuel a virun allem de Prozentsatz vun de soziale Mindestlounbezéier d'Tendenz huet ze steigen, sin ech der Meinung, dass d'Gesetz iwwer de soziale Mindestloun an domat och séng regelméisseg Opbesserung u Wichtigkeet zouhëlt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Och d'Mindestlounbezéier gehéieren zu eiser Gesellschaft an et as eis Pflicht, hinnen och déi finanziell Méiglechkeet ze gin, fir dorun Deel huelen ze kënnen.

Hei hu mir zum Deel schon 1994 däitlech Effort gemacht andeem engersäits d'Moossinstrument en faveur vum Soziale-Mindestloun-Bezëier erweidert an de Referenzmindestloun ofgeschafft gin as.

Virun allem wëll ech awer drun erënneren, dass mer duerch d'Gesetz vum 6. Januar 1997 de Certificat d'initiation technique et professionnelle opgewäert hun, esou dass vun do un all Aarbechter, deen dësen Diplom huet a während fënnf Jor a séngem Beruff geschafft huet, als Travailleur qualifié considéiert gët.

Wann de soziale Mindestloun haut fir Travailleurs non qualifiés 46.275 Frang bedréit an nom 1.1.1999 46.878 Frang an dee fir déi qualifizéiert Aarbechter vu 55.530 Frang op 56.254 Frang eropgeet, dann as dat eng considéabel Erhéijung.

Dës Mesür bréngt also konkret mat sech, dass all d'Aarbechter, déi vum Gesetz vum 6.1.1997 profitéieren, 9.255 Frang, respektiv nom 1.1.1999 9.376 Frang pro Mount méi verdénge wäerten.

Elo kann een natierlech och nach iwwer d'Methodologie, d'Héicht oder d'Périodicitéit vun den Ajustementen polemiséieren, mä ech sin éischter der Meinung, dass mer nach e wichtege Hiewel an der Schoulpolitik unzesetzen hätten, fir deen dach héije Prozentsaz vu Schoulaustrëtter ouni Ofschloss an Zukunft besser an de Grëff ze kréien. Ech leë ganz vill Wäert op dës Mesüeren, well si engersäits d'Zuel vun de Mindestlëin a folglech och vun den zukünftegen Hongerrente wäerd erofsetzen an anerersäits dene jonke Leit eng bedeitend méi grouss Chance um Aarbechtsmarché gët.

Dëst Thema schéngt mer esou wichteg, dass ech hei an aller Däitlechkeet wëll soen, dass d'Thema Schoul mat deem néidege Respekt soll behandelt gin, an dass et nët, wéi dat bei villen aneren Themen de Fall as, vun den Oppositionsparteien dozou gebraucht solle gin, fir aus Prinzip dergéint ze sin.

D'Schoul soll nët fir politesch Zwecker gebraucht gin. Dat hun eis jonk Leit, déi an e puer Jor wäerten eis Pensionne bezuelen, nët verdéngt.

D'Zil soll si fir Léisungen ze sichen, déi souwuel den Erausfuederunge vun engem modernen Aarbechtsmarché wéi der Integratioun vun eisen auslännesche Kanner Rechnung droen.

Ech wëll hei nët méi op den Avis vun der Chambre de Travail agoen, deen, wéi ze erwaarde war, ausser denc classesche Kriticken, nët vill interessant Argumentationen enthält.

Da gin et jo och nach ëmmer Leit déi mengen, do duerch dass et en RMG-Gesetz gët bräichte mer kee MindestlounGesetz méi, an dat an engem Land wou iwwer 32.000 Leit all Mount op hire Mindestloun ugewise sin, fir hallefweeys iwwer d'Ronnen ze kommen. Dat kann an dierf nët sin.

Hei as nët d'Plaz an nët den Zäitpunkt fir Diskussiounen iwwer dat aktuell kontrovers diskutéiert RMG-Ge-

setz ze féieren, mä och zu dësem Thema wäerd eis Fraktioun zu gegebenem Moment Stellung huelen. Fir awer all Onklarheten tëschent dem RMG an dem soziale MindestlounGesetz aus der Welt ze schafen, erlaben ech mer jhust mäi Kolleg, den Här Zanussi - en as momentan leider nët do - aus sénger Ried vum 18. Dezember 1996 ze zitéieren.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Här Schiltz, fuert weider. Déi aner sollen nolauscheren an de Riedner schwätze loossen.

M. Jean Schiltz (LSAP).- Also, den Här Zanussi huet virun zwee Jor hei gesot: "Den RMG as en Existenzminimum, deen ee brauch, fir kënnen hei am Land hallefweeys vernünfteg ze liewen. Dat, Dir Dammen an Dir Hären, sin Tatsaachen, déi een nët vergiessen dierf".

An heimat wëll ech d'Thema RMG a Mindestloun ofschléissen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Zum Ofschloss wëll ech jhust drun erënneren, dass de lëtzebuerger Aarbechtsmarché par rapport zum Ausland vun engem grousser soziale Fridde gekennzeechent as, deen eis zu gudder Lescht alleguer zegutt kënnt, souwuel de Patroné wéi och den Aarbechter an hire Familien. Et muss ee keen Expär an der Sozialpolitik si fir ze wëssen, dass dës Fridden, fir dee vill Nopeschlänner eis beneiden, op eng stabil an ausgebaute Sozialpolitik zrëckzuféieren as.

D'Ofsécherung vun de Gehälter duerch d'Gesetz iwwer de Mindestloun, d'Verbesserung vun de Léin an den Aarbechtskonditiounen duerch d'Aushandele vu Kollektivverträge, an nët zulescht d'Upassung vum Mindestloun un den Index an un d'Evolution vun de Léin as näischt anesches wéi d'Erhale vun den elementare Rechter vun eise schaffende Biirger an domat vum soziale Fridden um lëtzebuerger Aarbechtsmarché.

Mat dëse Wieder gin ech am Numm vun der sozialistischer Fraktioun den Accord zu dësem Gesetz.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här François Bausch as als nächste Riedner agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech fänke vläicht u mat enger Remarque, fir op dat anzegoë wou den Här Bettendorf mech ugeschwat huet par rapport zu där leschter Mindestlounerhéijung, déi mer hei am Parlament diskutéiert hun, wou e behaupt huet, ech hätt hei gesot, et géingen Ekonomisten innerhalb vun der OECD gin, déi nët d'accord wire mat deem wat d'OECD géing soen. Dat hat ech nët gesot. Ech hu gesot, an de Länner vun der OECD gin et vill Ekonomisten, déi nët mat denen Ekonomisten d'accord sin, déi am Gremium sëtzen, fir de Mindestloun ofzeschaffen.

Domat kommen ech schon zum éischte Punkt, deen ëmmer erëm opkënnt wa mer iwwer de Mindestloun

schwätzen, datt et einfach eng ganz Rei Leit gët, déi behaapten, dass de Mindestloun misst ofgeschaaft gin, datt eigentlech de Mindestloun ekonomesch kontraproduktiv wär an datt een esou eppes wéi de Mindestloun iwwerhaapt nët bräicht.

Ech mengen, ech soen näischt Neits, dass mir als Gréng domadder natiirlech nët averstane sin, well wann een d'Chifferen am Rapport kuckt ëm wat fir eng Gehälter et sech hei handelt, da muss dee mir emol erklären, dee seet, de Mindestloun wir kontraproduktiv, wat fir eng Gehälter dass hien da géif virgesi fir déi dote Kategorie vu Leit. Wann ech e Gehalt huele vu 47.000 Frang de Mount - an et kann ee jo e bësse rechne wat haut de Liewensstandard zu Lëtzebuerg kascht -, da muss emol ee mer soen, wann e seet, ech wëll de Mindestloun ofschafen, well deen as ekonomesch kontraproduktiv, wéi en da gesäit, wat déi Leit da solle verdéngen a wéi déi sollen iwwer d'Ronne kommen.

Doriwwer eraus muss ech och soen, dass awer haut déi Länner, déi eigentlech dat ëmmer à la lettre ëmgesat hu wat d'OECD verlaangt huet - wann ech nämlech verschidde Länner am asiatesche Raum kucken, déi de Moment regelrecht Implousiounen erliewen, well s'et verpasst hun an dene Jore virdrun e soziale System opzebauen, dann as keen Zesummenhalt méi an dene Gesellschaften -, déi Musterschüler vun dene Recommendationen vu verschiddenen Ekonomisten aus der OECD wierklech a ganz grouss Schwiregketen sin.

Et gët natiirlech och Adepter vun engem ausschliessleche "law and order"-Kapitalismus, mä ech mengen, d'Geschicht huet awer längstens déi Leit widderluegt a schon e puermol op ganz krass Aart a Weis, esou dass ech hoffen, dass mer hei zu Lëtzebuerg ons nimools wäerten hiräisse loossen, fir denen abstruse Recommendationen, déi op deem doten Niveau gemaacht gin, Folleg ze leeschten.

Et as och esou, dass, amplaz dass mer elo hei zu Lëtzebuerg driwwer diskutieren, ob een de Mindestloun soll ofschafen oder nët, ee misst kucken, dass een et op europäescher Ebene fäerdegbréngt e Mindestloun ze kréien, dee verbindlech as fir all Memberstat vun der Europäescher Unioun. Ech mengen, nëmmen esou eppes wir richtig, well dat géing bedeuten, dass mer endlech op de Wee géinge goë fir eng Harmoniséierung vun de soziale Mindeststandardën an Europa ze kréien. Europa soll dee Wec goen an nët an d'Richtung goë fir an dene Länner wou et de Mindestloun gët, versichen en do ofzuschafen.

An da kréie mer och dat verhënnert wat et an dene Länner gët, déi esou eppes nët hun, gréisser staark ekonomesch Länner, wéi zum Beispill d'USA, wou mer an der Tüschenzäit eng Kategorie vu Leit hun, déi sech "the working poor" nennen, déi zwar eng Aarbechtsplaz hu vu 40 Stonnen d'Woch, mä déi mat där Aarbechtsplaz emol nët genuch verdéngen, fir kënnen normal an dezent ze liewen, an dofir nach eng zweet Aarbechtsplaz mussen unhuelen, wou se dann owes an zu allmëgleche Stonne schaffen, fir kënnen iwwer d'Ronnen ze kommen.

Dat kann nët de Modell si vun Europa a scho guer nët vu Lëtzebuerg. Ech mengen, Europa muss genau an de Contraire goen. Europa muss Modell gi fir de Rescht vun der Welt, fir uerdentlech sozial Standardën ze hun an dozou gehéiert nun eemol e gesetzlech festgeluegte Mindestloun, fir wierklech och dene sozial Schwaachsten an der Gesellschaft en ugemessene Liewensstandard ze garantieren.

An deem Sënn wëll ech mech jhust dene gudden Saa-chen uschléissen, déi am Rapport sti vum Marcel Glesener a soen, dass mir dat hei Gesetz wäerte stëmmen.

M. le Président.- Leschten Diskussionsriedner as den Här Gast Gibéryen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Damen an Dir Hären. Als leschte Riedner zu engem Projet as et effektiv ganz schwéier fir nach eppes Neies ze fan-
nen.

Wou mer eis eens sin, dat as, dass dat hei e wichtige Projet as, dee jo och vun alle Fraktiounen hei am Parlament gedroë gët. Ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kolleg Marcel Glesener merci soë fir säi gudden a sacheleche Rapport vun dësem Gesetz.

Et as nët nëmme fir mech eng Pflichtübung, dass all zwee Jor hei iwwer eng Erhéijung vum Mindestloun geschwat gët an et as emol nët esou un alleréischter Stell d'Héicht, déi dës Kéier am Vierdergrond steet vun dëser Upassung vum Mindestloun vun 1,3%, wou et scho gutt as, dass een dat getrennt zu anere Projeten, wéi zum Beispill dem Rentenajustement, mécht, well esou eng Diskussioun iwwer e Mindestloun scho wichtig as. Et gët natiirlech ëmmer Leit, déi aus dene verschiddensten Ursachen eraus nët onbedéngt direkt mat enger Augmentatioun vum Mindestloun averstane sin.

An dach as et dee Mindestloun, deen och hei an eisem Land, wou mer eis no baussen hin ëmmer als eent vun dene räichste Länner vun der Welt erklären, méi e wichtige Facteur an eiser Aarbechtsgesetzgebung as.

Mir stelle fest, datt de Mindestloun vu Jor zu Jor an dësem Land steigt, an dat nët nëmme wat d'Zuel ubelaangt, well et kënnt ee jo soen an der Logik, doduerch dass mer all Jor méi Beschäftegter hei am Land hätten, wir et och logesch, datt mer méi Mindestlounbezéier hätten, mä e klëmmt och prozentual zu der Beschäftigungs-
zuel.

An dene leschten 10 Jor as dat insgesamt 4% gewiescht.

1988 waren et 12,5% vum Salariat, déi hei zu Lëtzebuerg de Mindestloun bezun hun. 1998 sin et 16,4%. Dat as schon eng grouss Augmentatioun, an dat schléit sech natiirlech och an den Zuelen néier. Vu knapps 19.000 Mindestlounbezéier 1988 leië mer haut bei iwwer 32.000. Praktesch bal eng Verduebelung an 10 Jor. Och muss ee wëssen, datt nach bal déi selwecht Zuel vu Leit nëmme liicht iwwer dem Mindestloun läit. Et as also fir vill Leit hei am Land schon e wichtig Gesetz.

Et gët ëmmer periodesch an d'Diskussiounen bruecht - net hei vum Parlament mä vun anerwärts -, datt een de Mindestloun kéint ofschafen.

Ech perséinlech a méng Fraktioun sin där Meinung net. Et kéint een doriwwer schwätzen, wann ee verbindlech Kollektivvertrëg hätt fir d'Gesamtsalariat, mä mir sin awer an enger Situatioun, wou nach grouss Beräicher vun eise Aarbechtsmaart net duerch Kollektivvertrëg ofgedeckt gin. Bei de Kollektivvertrëg kënnen d'Gewerkschaften periodesch négocïéieren an iwwer dee Wee versichen d'Léin no uewen unzepassen.

Bei de Mindestlounbezéier handelt et sech praktesch ausschliisslech ëm Leit, déi net ënner engem Kollektivvertrag leien. Dofir as et wichteg, datt esou wéi d'Gewerkschaften an de Betriber all zwee Jor Kollektivvertrëg ofschléissen, all zwee Jor déi Leit, déi déi klengste Léin hei am Land hun, iwwer de gesetzleche Wee eng Upassung un d'Moyenne vun den Augmentatiounen kréien.

Och as et wichteg, datt mer esou e Mindestloun hun - an dat as och vun de Virriedner schon ugeschwat gin -, fir datt mer kënnen e Message ausstralen un déi aner europäesch Länner.

Verschiede Länner hu scho Mindestléin. An Däitschland gët et verschiede Bundeslänner, déi e Mindestloun hun. Eist Zil muss et sin - an dat as och dat, wat vun eiser Regierung an hire Programmer ëmmer gemaacht gët -, datt mer op europäeschem Niveau sozial Mindestnorme kréien. Grad e Land wéi Lëtzebuerg huet en Intérêt drun, datt och déi aner Länner sozial Mindestnorme kréien, wou mir jo awer e relativ gutt Sozialnetz zu Lëtzebuerg hun, wat awer selbstverständlech am Kader vun der europäescher Konkurrenz ënner Drock geréit, wa mir et net fäerdegbréngen, datt och an den anere Länner sozial Mindestnorme geschafe gin.

Wa mer d'Matière première kucken an den eenzelne Länner, déi bal iwwerall d'selwecht kascht, wa mer d'Steiere gréisstendeels versichen ze harmoniséieren, da bleift nach jhust de Facteur Aarbecht op deem d'Konkurrenz spillt. Grad an de Grenzregiounen kann dat fatal Konsequenze fir e Land hun, wat relativ gutt Léin huet an e relativ gutt Sozialnetz par rapport zu den Nopeschregiounen.

Dofir as et scho wichteg, datt mer op europäeschem Plang versichen - wann nëmme méiglech -, och sozial Mindestnormen ze kréien, wou mer awer wëssen, datt, wa mer där aféieren, et do - am Ufank zumindest -, e ganz grousst Gefäll wärd gin tëschent de Länner aus eiser Géigend an dene méi südleche Länner.

Eng aner Fro iwwer déi ëmmer diskutéiert gët, dat as ob de Mindestloun net elo erëm géif eng Lawin no sech zéien an d'Léin an d'Luucht drécken. Dobäi musse mer awer wëssen, datt een déi Diskussioun ëmmer ka féieren, an datt och waarscheinlech ni een déi richteg Äntwert bréngt. Et as wéi beim Hong a beim Ee, wou haut nach kee weess, wie fir d'éischt do war.

Fest steet jidderfalls, datt dës eng Moyenne as, wéi d'Léin an de Joren 1996 an 1997 evoluéiert sin. Déi eng soen am Fong ëmmer, datt een Nachholbedarf besteet an et eng nodréiglech Upassung un d'Lounentwécklung as, an déi aner soen ëmmer, datt duerch déi heiten Upassung déi aner Léin erëm weider an d'Luucht gedriwwe gin.

Mir erënneren all Kéier bei dëser Debatt drun, datt et am Fong logesch as, datt net nëmme de Mindestloun, d'Mindestrent oder d'Mindestpensioun automatesch ugehuewe gin, mä dat an der Vergaangenheet och ëmmer d'Indemnité d'apprentissage mat an d'Luucht gehuewe gin as. Dat as selbstverständlech ni iwwer d'Gesetz geschitt, mä iwwer en Arrêté, dee vun dem zoustännege Minister vun der Education nationale geholl gët. Mir hoffen, datt dat och dës Kéier erëm de Fall as.

Et as ëmsou méi wichteg, datt dës Mindestlounerhéijung vun 1,3% geschitt, well mer wëssen, datt parallel dozou mer den 1. Januar 1% Cotisation sociale aféiere fir d'Flegeversicherung op sämtleche Revenuën. Quitte datt mer do e gewëssenen Abatement hun, hätt dat dach awer eng negativ Auswirkung op dene Leit hir Nettogehälter, déi duerch d'Augmentatioun vun 1,3% opgefaange gët.

Dat gesot, as net méi vill zu dësem Projet ze soen. Méng Virriedner hun alleguer d'statistesch Chiffre virgedroen. Et huet kee Wäert, datt een dat nach eng Kéier widerhéit. Ech si frou, wéi och d'Kollegen aus der Kommissioun alleguer, datt déi Eestëmmegkeet, déi an der Kommissioun war, sech an den Debatten an der Châmber erëmgespigelt huet. Ech bréngen dofir d'Zoustëmmung vun onser Fraktioun.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Minister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre du Budget. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech géing iech fir d'éischt bidden den Aarbechtsminister ze entschëllegen, deen an dës Minutten, zesumme mam Ausseminister, ënnerwee as op den europäesche Sommet vu Wien.

Am Numm vun der Regierung géing ech dofir wëllen e puer Wuert zu dësem wichtege Projet de loi soen, an zwar fir d'éischt, fir der Châmberkommissioun merci ze soë fir déi schnell a gutt Aarbecht, déi an dësem Dossier gemaacht gin as, besonnesch dem Rapporteur Marcel Glesener.

Et as hei bemängelt a kritiséiert gin, datt dës Projet vun der Regierung esou spéit déposéiert gi wär, a datt dofir net an aller Grëndlechkeet konnt déi Etüd gemaacht gin.

Ech stelle fest, datt an dene leschten Deg d'Kritik un der Regierungspolitik sech méi um Niveau vun der Form, an an dësem Kontext jhust vun der Zäit vum Dépôt vun engem Text situéiert, wéi wat de Fong ugeet, wat mech am Fong freet, well Kriticken um Fong wäer méi grav.

Och beim Budget war am Fong déi eenzeg wesentlech Kritik, datt de pluriannuellen Investitiounsprogramm ze spéit déposéiert gi wär. Déi Kriticken huele mer un. Mir versichen dat an Zukunft besser ze maachen. Ech mengen awer net, datt deen Zäitraum de Problem wär, fir datt op

dësem Sujet konnt en Avis geschriwwe gin. Dat gëlt besonnesch fir d'Chambres professionnelles patronales, well ech stelle fest, datt och d'leschte Kéier, virun zwee Jor, wéi déi lescht Augmentatioun virgeluegt gin as, och den Avis vun de Chambres patronales ganz spéit komm as, dat heescht, jhust virum Vote, well ech hun déi Débattën nach eng Kéier nogelies, an datt et sech dobäi méi ëm eng Fro vum Fong handelt, déi deen Délai erkläert, wéi ëm eng Fro vun der Zäit.

De Staatsrot huet an dësem Kontext eng ganz schnell Aarbecht gemaacht, well mir hate schon den 10. November den Avis vum Staatsrot. A bei dësem Projet vum Mindestloun as een entweder an der Philosophie mat de Modalitéiten, wéi déi Berechnung an déi Erhéijung gemaacht gin oder nët, an dat schreift sech da relativ séier.

Et as dofir, wou d'Regierung selbstverständlech frou as iwwer dee brede Konsensus, dee sech de Mëtteg heibannen erëm gewisen huet, iwwer d'Noutwendegkeet vun deem Instrument vun dem Mindestloun, an iwwer d'Beurteilung vun där hei proposierter Erhéijung.

Ech wëll och ënnersträichen, an dat vergeet bal, wann een déi Tounaart vun de Mëtteg héieren huet, datt dat keng Obligatioun as, fir de Mindestloun ze erhéien, mä datt et eng Fakultéit as, an datt d'Regierung der Meinung war - a se as frou derbäi d'Ennerstëtzung vun der Chamber ze hun -, datt, als Deel vun enger gutt verstanener Sozialpolitik, mer déi Erhéijung fir déi drëtte Kéier an dëser Legislaturperiod misste virhuelen.

Et as e Kapitel Sozialpolitik, deem séng Wichtigkeet an eiser Gesellschaft grouss as. Ech hun dat och konnt an der Budgetried, wat dee Volet vun der Sozialpolitik betrëfft, deen iwwer de Budget gesteiert gët, ënnersträichen. De Mindestloun an all déi sozial Moosnamen am Budget hun e positiven Effekt op d'Ekonomie, op de PIB vun eisem Land, doduerch datt selbstverständlech déi Suen, déi hei verdéngt gin, an der Consommation erëm ausgi gin. Esou dréint dat ganz Rad weider. Et as dat eppes, wat och denen, déi déi Mindestloun musse bezuelen, op där anerer Säit zegutt kënnt.

Selbstverständlech muss een d'Kompetitivitéit vun der Ekonomie am Aen halen. Et geet nët, dass een an der Sozialpolitik einfach all déi Moosnamen mécht. Et muss een ëmmer kucken, datt wann een um Gebitt vun der Sozialpolitik eppes mécht, een eppes Gescheites mécht. An dat gët hei gemaacht, nämlech datt déi Augmentatioun vum Mindestloun eng räsonnabel as, esou wéi d'ganz Lounevolusioun an dene leschte Joren eng räsonnabel war. De Rapporteur, den Här Glesener, as och dorop zréckkomm.

D'Tripartite vun dësem Jor huet sech nach eng Kéier engagéiert fir eng moderat Lounpolitik. A wann een eng moderat Lounpolitik mécht, da schuet een nët der Ekonomie, wann ee Sozialpolitik mécht. Zugläich entsteet dorraus d'Flicht fir de Stat, e gutt Umfeld fir d'Entreprises ze maachen. Och dat hu mer gemaacht. Mir schaffen also op den zwou Pisten. Och wëllt ech drun erënneren, wat mer zum Beispill um steierlechen Umfeld vun de Betriber an dëser Legislaturperiod geännert hun: d'Kierper-

schaftssteier vun 33 op 30% erofgesat, d'Besteuerung vun de Privatpersounen substantiell ënnen an uewen erofgesat.

Dat sin alles Moosnamen, fir déi d'Nopeschlänner eis beneiden an déi d'Nopeschlänner mat anere politesche Konstellatiounen nët fäerdegbruecht hun, fir esou wesentlech Steuererofsetzungen an hire Parlamenten duerchzekréien.

Dat Zesummespill vun där iwwerluedener Sozialpolitik, déi haut erëm hei zum Virschäin kënnt an där Steuerpolitik, déi mir maachen, féiert derzou, datt mer dës Moosnamen am Intérêt vun dene Leit, déi mat klenger Paie schaffen, an am Intérêt vun de Betriber kënnen duerchféieren.

Wann een an der Politik spuere muss, wann ee Moosname muss ergräifen, déi zu manner Ausgabe féieren, dann därf een nët bei denen ufänken, denen et an der Gesellschaft am manste gutt geet. Dat gëlt an der Budgetpolitik. Dat gëlt och an dëse Gesetzer.

Dat hei as e positivt Gesetz a mir si frou, datt et vun allen Deputéierten heibanne schéngt gedroen ze gin. Mir hoffen, datt et och dobausse vun dene Leit, déi et mussen applizéieren, gedroë gët, am Geescht vun enger sozialer Kohesioun, als e Beitrag, fir dass de Gruef tëschent Räich an Aarm an eisem Land nët méi grouss gët.

An deem Sënn sin ech frou, datt dat Gesetz hei d'Zoustëmmung vun der Chamber fënt.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - D'Diskussioun vum Projet de loi as ofgeschloss. Mir maachen d'Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4484.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet de loi 4484 sin, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4484 as eestëmmeg mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, MM. François Biltgen, Willy Bourg (par M. Lucien Weiler), Mme Romi Bruck-Roth (par M. Nico Loes), MM. Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden (par M. Laurent Mosar), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Edouard Juncker (par M. Marcel Glesener), Ady Jung, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette (par M. Norbert Konter), MM. Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, M. Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Lucien Clement), MM. Nicolas Strotz (par M. Ady Jung), Alphonse Theis (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Lucien Weiler;

MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Mars Di Bartolomeo, Mathias Greisch, Fons Grimler, Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein, Roger Klein, René Kollweiler, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Klein), MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer (par M. Jean Schiltz), Jean Schiltz, Camille Weiler (par M. Claude Halsdorf) et Marc Zanussi;

MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. John Schummer), MM. Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Théo Stendebach), Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagener), MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer, Théo Stendebach et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Jean Huss).

As d'Chamber d'accord, d'Dispens vum zwete Vote ze gin?

(Assentiment)

Et as esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4266 iwwer de Statut vun de Gemengebeamten.

D'Wuert huet de Rapporteur, den honorablen Här François Biltgen.

3. Projet de loi 4266 ayant pour objet de modifier la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux

Rapport de la Commission des Affaires communales et de l'Urbanisme

M. François Biltgen (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech schwätzen haut zu engem ganz klengen Projet de loi, deen awer fir d'Gemenge wichteg as. Dëse Projet léist e Problem, dee sech bis elo gestallt huet, nämlech dee vu Beamten déi vill krank sin, mä awer keng egen Demande maachen, fir als invalid erkläert ze gin. Mat dësem Projet kënnen si dann an d'Invalidérent geschéckt gin.

Bei de Staatsbeamte kann de jeweilige Chef déi Leit bei d'Commission des Pensions schécken, do gi se dann examinéiert, an an d'Pensioun geschéckt wa si invalid sin. Bei de Gemenge geet dat nët, an dat bréngt da ganz cocasse Situatiounen mat sech. Do si Leit Titulaire vun enger Fonktioun, déi se awer nët laang ausüben kënnen. Verschidde Leit wëllen och nët an d'Pensioun goen, well si hoffen erëm eng Kéier gesond ze gin. Anerer sin esou krank, datt si hire Wëlle fir an d'Pensioun ze goen nët méi selwer matdele kënnen.

Dëse Projet gesäit folgend Prozedur vir: Wann de Schäfferot feststellt, datt e Beamte während 12 Méint op d'manst 6 Méint nët schaffe komme konnt, da kann e bei déi Commission spéciale geschéckt gin, déi mir elo hei schafen. De Gemengerot muss dann dee jeweilige Beamten an d'Invalidérent schécken.

Wann déi Commission spéciale décidéiert huet, datt eng Invaliditéit virläit, da muss nämlech de Gemengerot och d'Invaliditéit spriechen. Wann de Gemengerot sänge Flichten hei nët nokënnt, dann as am Projet de loi virgesinn, datt den Inneminister sech substituëiere kann. Mir maachen hei also näischt anescht wéi dat wat am Staatssecteur scho besteet. Et as also näischt Neies.

Ech wëll jhust nach e puer Wuert zu där Spezialkommissioun soen. Si besteet aus fénnef Leit: zwee Riichter, een Dokter a jeweils ee Vertrieder vun de Schäfferéit a vun de Gemengebeamten. Déi Spezialkommissioun kënnt zesummen, wann de Schäfferot - bei engem Syndikat as et de Bureau a bei engem Etablissement public de President - si mat engem Fall befaasst.

Déi Kommissioun funktionnéiert no engem demokratesche Prinzip: Dee jeweilige Beamten gët och ugehéiert. Mir hun also de Prinzip vum Contradictoire deen hei spillt. Dann eréischt hëlt d'Kommissioun hir Décisioun. Déi kann nëmme geholl gin, wann e medezinesche Bericht virläit. Déi Décisioun muss natiirlech motivéiert sin a si kann och ugefecht gin. D'Méiglechkeet, datt dee betraffene Beamten op eng aner Plaz gesat gët, besteet natiirlech och.

Bei engem Beamten deen an der Pensioun as, an deem säi Gesondheitszoustand sech awer duerno verbessert, kann de Gemengerot oder souguer de Beamte selwer den Antrag stelle fir erëm integréiert ze gin. Dat geet awer nët, wann et nach jhust manner wéi zéng Jor sin, ier hie souwisou an d'Alterspensioun geet.

Une voix.- As dat ee Recht?

M. François Biltgen (CSV), rapporteur.- Et muss een déi Prozedur ufroen, fir datt d'Spezialkommissioun sech nach eng Kéier domat befaasst. D'Spezialkommissioun befaasst sech nët vum selwen domat.

Dat as selbstverständlech e Recht wat virgesinn as. Wann d'Kommissioun der Meinung as, de Beamte kënt erëm schaffen, muss hie reintegréiert gin.

Dat steet am Artikel 54octies, an ech zitieren: "Au cours des dix premières années qui suivent l'allocation de la pension le conseil communal et la caisse de prévoyance des fonctionnaires et employés communaux peuvent demander à la commission prévue au présent chapitre le réexamen du cas d'un fonctionnaire mis à la retraite pour inaptitude physique, au cas où ils estiment que les causes de l'admission à la pension ont cessé d'exister. La même faculté appartient au fonctionnaire; sa demande doit être accompagnée d'un certificat médical circonstancié". Wann d'Spezialkommissioun da feststellt, datt d'Ursachen nët méi gi sin, da kann en zrëckkommen.